LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse du ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°3889 du 09 avril 2026 de l'honorable député Fred Keup au sujet de la prise en compte de la "shrinkflation" dans le calcul de l'index**

**Wéi gëtt de Phenomen vun der Trickflatioun am Wuerekuerf berécksiichtegt, fir déi deementspriechend wëssenschaftlech Integritéit ze schützen an eng verstoppt Schwächung vum Index ze vermeiden?**

De nationale Verbraucherpräisindex (IPCN - indice des prix à la consommation national) moosst d'Inflatioun zu Lëtzebuerg an déngt als Grondlag fir den automateschen Indexmechanismus.

De Wuerekuerf, op deem den Index baséiert, ëmfaasst iwwer 300 verschidden Kategorien mat ronn 100.000 eenzel Produkter a Servicer. D'Präisser vun all dëse Produkter an Servicer ginn reegelméisseg vun den Enquêteuren erhuewen. Zanter 2018 ginn och déi sougenannt Scanner Data an d'Berechnung vun der Inflatioun integréiert. Dat bedeit, datt de STATEC all Mount Donnéeë vu verschiddene Supermarchéen zu Lëtzebuerg kritt, déi Informatiounen iwwert déi am Laf vum Mount verkaafte Produkter enthalen. Dës Daten enthalen ënner anerem d'Zuel vun de Verkeef pro Produkt, de jeeweilege Ëmsaz souwéi Detailer zur Quantitéit an zum Contenu vun de Produkter.

D'Basisprinzip vun engem Präisindex ass de Verglach vum Präis vum selwechte Produkt am selwechte Geschäft iwwer d'Zäit. Ass esou e direkte Verglach net méiglech, muss en esou genannte Qualitéitsajustement gemaach ginn. Eng Ännerung vun der Quantitéit vun engem Produkt gëtt dobäi speziell berücksichtegt; an deem Kontext schwätzt een vun engem „raccord statistique", deen dat neit Produkt mat dem alen a Verbindung setzt. Wann zum Beispill d'Quantitéit vun engem Produkt vun 500 op 400 Gramm reduzéiert gëtt, ouni datt de Präis sech ännert, gëtt dës Ännerung am Verbraucherpräisindex als Präiserhéijung vu 25% verzeechent. Och an den anere Kategorie vum Wuerekuerf gi reegelméisseg Qualitéitsajustementer virgeholl fir déi wëssenschaftlech Integritéit vum nationale Verbraucherpräisindex ze schützen.

Luxembourg, le 17/04/2026

Le Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles